# Usprooch vum OGBL-President Jean-Claude Reding bei der Rezeptioun um Labor Day den 2. 9. 2013 am Casino syndical zu Bouneweeg

**Dir Dammen an dir Hären,**

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Wéi all Joer feieren déi fräi Gewerkschaften, den OGBL an d'FNCTTFEL, de Labor Day, den éischte Mee vun den amerikanesche Gewerkschaften a gedenken deenen amerikaneschen Zaldoten, déi hiert Liewe bei der Befreiung vu Lëtzebuerg vum Naziterror verluer hunn. Vill vun hinne waren Aarbechter an Employéen, vill ware Gewerkschaftsmitglieder.

Et ass géint Faschismus , géint Nazismus, géint Diktatur a fir Demokratie gaangen.

Et ass ëm d'Fräiheeten, ëm d'Mënscherechter gaangen, ëm Mënscherechter déi 1948 an der "Déclaration universelle des droits de l'homme" festgehale goufen. An der Declaratioun ginn d'Mënscherechter awer net op déi politesch Fräiheete beschränkt, et geet net nëmmen ëm déi politesch Rechter, ëm d'Meenungsfräiheet. Den Artikel 22 schwätzt och vum Recht op Sécurité sociale, iwwer déi ökonomesch, sozial an kulturell Rechter, déi indispensabel fir eis Dignitéit an d'Entwécklung vu jidderengem senger Personalitéit sinn.

Den Artikel 23 schwätzt vum Recht op Aarbecht, vum Recht op gerecht Aarbechtsbedingungen an dem Schutz virum Chômage, vum Recht sech gewerkschaftlech ze organiséieren.

Et stinn nach vill aner wichteg Saachen an dëser Declaratioun, déi vill ze oft vergiess gëtt, net genuch gelies an zitéiert gëtt. Si gehéiert op d'Programmer vun eise Schoulen, si misst awer och Flichtlektür fir all Bierger a besonnesch fir all Politiker sinn.

**Kolleginnen a Kollegen,**

d'Politik an déi staatlech Institutioune mussen aktiv d'Mënscherechter schützen.

Duerfir ass et eng dramatesch Entwécklung wa mer haut feststellen, dat Geheimdéngschter massiv a systematesch déi elektronesch an telefonesch Kommunikatioun vu Millioune vu Bierger iwwerwaachen an kee Respekt virun de Mënscherechter an de Gesetzer, déi dës Fräiheete garantéieren, weisen. Demokratie schützt een net duerch Agrëffer an d'Fräiheete vun de Mënschen, duerch illegal Ecouten an Iwwerwaachung vun elektroneschen Donnéeën, duerch Drock op d'Press fir se an hirer Aarbecht ze behënneren, an duerch d'Kriminaliséierung vun deenen déi dës Machenschaften opdecken.

An dës Bemierkung gelt och fir Lëtzebuerg. D'Affär ëm de lëtzebuerger Geheimdéngscht ass keng Bagatell an de Rapport vun der parlamentarescher Enquêtekommissioun, déi sech mat der Affär ronderëm de SREL, de "Service de renseignement", beschäftegt huet, weist datt och hei zou Lëtzebuerg inakzeptabel Saache geschitt sinn (« dysfonctionnements et irrégularités » steet am Bericht). An esou laang keng kloer Konsequenze gezu ginn, esou laang net komplett Kloerheet geschaf gouf, bleift den Zweiwel, ob et net weider Irregularitéiten an Dysfunktionnementer gëtt.

D’Aufgab vum Service de renseignement ass et laut Gesetz all Aktivitéiten ze iwwerwaachen, déi eng Gefor fir d’Sécherheet vum Land duerstellen. Firwat dann e Fichier iwwert den OGBL ugeluecht gouf, brauch eng Erklärung. Mir wëlle wëssen firwat dee Fichier ugeluecht gouf, wéini, op wat fir eng Manéier a mat wat fir enger Begrënnung den OGBL iwwerwaacht ginn ass. Mir wëlle wësse wat an dem Fichier steet. Mir wëlle wëssen, ob och Responsabler vun dem OGBL iwwerwaacht goufen, a mat wat fir enger Begrënnung.

Déi ganz Iwwerwaachungsaffäre weltwäit an och hei am Land weisen, datt et extrem wichteg ass d’”libertés publiques”, d’Mënscherechter besser ze schützen.

**Kolleginnen a Kollegen,**

Et ass awer och eng dramatesch Situatioun fir d’Mënscherechter wann an der Europäescher Unioun eng Austeritéitspolitik an eng sougenannte Strukturpolitik propagéiert a realiséiert gëtt, déi zou Chômage, Aarmut a Misär fir vill Leit féiert, an domatt hir Mënscherechter net respektéiert, mä verletzt. Vill Politiker schéngen déi 2. Lektioun aus dem 2. Weltkrich an dem Faschismus vergiess ze hunn.

Déi zweet Lektioun, déi vill Leit no dem zweete Weltkrich gezunn hunn, war déi, dass déi politesch Fräiheet nëmmen existéiere ka wann d’Leit eng gutt sozial Ofsécherung, eng uerdentlech Pei a staark sozial Rechter hunn. Op där Erfahrung ass an Europa an och zou Lëtzebuerg eise Sozialmodell opgebaut ginn.

E Sozialmodell den op engem héije Niveau vu sozialer Ofsécherung berout, bei Krankheet, bei Invaliditéit, bei Fleegebedürftegkeet, bei Chômage asw.

E System, deen d’Léin, d’Pensiounen an d’sozial Leeschtungen duerch d’Indexéierung an hirem Wäert geschützt huet.

De System huet sech bewäert, en huet de Mënsche Vertrauen an d’Zukunft ginn.

Duerfir ass et falsch, dëse System ze ënnergruewen, ofzebaue mat dem Argument, dass Sozialofbau, well dat gëtt jo ënner Strukturreforme verstanen, géif hëllefen d’Wirtschaft aus der Kris eraus ze féieren.

D' Kris ass net d’Resultat vun eisem soziale System, mä vum “laisser-faire” vun der Politik an deene leschten 20 Joren, vun enger neoliberaler Wirtschaftspolitik, déi d’Fesselen, déi dem Kapitalismus, dem sougenannte fräie Maart operluecht gi waren, gesprengt huet, mat dem Resultat datt d'sozial Ongläichheeten zougeholl hunn, datt d’Krisenhaftegkeet vum Kapitalismus zougeholl huet an datt Profitdenke Virrang viru sozialen an ökologeschen Iwwerleeunge kritt huet.

Déi europawäit Austeritéitspolitik féiert net aus der wirtschaftlecher Kris, mä verstäerkt déi sozial Kris an der mer stiechen an ass eng Gefor fir Demokratie.

An ech well drun erënneren datt den Här Juncker als Chef vum Eurogrupp maassgeeblech un dëser Politik bedeelegt war. An an der Tendenz hunn hien a säi Finanzminister dës Politik och hei zu Lëtzebuerg vun 2010 un verdeedegt. D’Patronatsfonctionnaire hunn dat gespuert a systematesch probéiert dëst zu hire Gonschten auszenotzen, och wann duerch de Kafkraaftverloscht, deen doduerch entstanen ass, déi kleng mëttelstänneg Entreprisen an hir Patrone selwer Affer vun der Politik vun hire Verbänn ginn.

Dowéinst ass d’Tripartite gescheitert, dowéinst hunn d’sozial Konflikter zougeholl, duerfir ass d’Zuel vun de Manifestatioune vun 2009 un spronghaft an d’Luucht gaangen

Ouni de gewerkschaftleche Widderstand wär et de schaffende Leit an de Rentner zu Lëtzebuerg vill méi schlecht gaangen. Den OGBL war an ass zesumme mat de Kollegen vum Landesverband de Motor vun dësem erfollegräichen Widderstand.

An enger kuerzer Resolutioun wäerten eis Exekutiv an eisen Nationalviirstand déi wesentlech aktuell sozialpolitesch Fuerderungen vum OGBL widderhuelen an un déi politesch Parteien, déi sech un de Wahle bedeelegen, riichten. Fir de Rescht bleift de Programm vun eisem leschte Kongress fir eis verbindlech. Eis Kongressresolutioun gëtt eis d'Orientéierunge fir de Programm vun der nächster Regierung ze bewäerten.

Den OGBL mécht kee Wahlopruff, mä rifft seng Memberen, déi den 20. Oktober déi nei Chamber wielen, op, d'Programmer vun de Parteien an d'Aussoe vun de Kandidaten op dem Hannergrond vum Programm vum OGBL a besonnesch vun der Resolutioun vum Nationalviirstand ze analyséieren a keng Partei a keng Kandidaten ze wielen, déi sech géint déi zentral Fuerderungen a Propositioune vum OGBL wenden.

**Kolleginnen a Kollegen,**

am Hierscht sinn awer net nëmme politesch Wahlen, mä och Sozialwahlen.

An de Betriber ginn d'Personaldelegéierte gewielt. Si brauchen eng staark Gewerkschaft hannert sech, déi se an hirer Aarbecht ënnerstëtze kann. Den OGBL brauch eng staark Präsenz an de Betriber, fir déi néideg Legitimatioun an déi néideg Ënnerstëtzung ze kréie fir seng Aarbecht an de Kollektivvertragspolitik, fir seng Aarbecht fir uerdentlech Aarbechtsbedingungen.

Den 13. November ass och de Stéchdag fir d'Wahle vun der Chambre des salariés.

Iwwert 400.000 Salariéen an Rentner si opgeruff hir Vertrieder an an d'Chambre des salariés ze wielen. Iwwert dee Wee ginn och d'Vertrieder vun den Assuréen an der Sécurité sociale (CNS, CNAP …) an d'Vertrieder vun de Salariéë bei den Aarbechts- a Sozialgeriichter an an enger ganzer Wull vun anere Gremie bestëmmt. Schlussendlech geet et do och ëm déi national a sektoriell Representativitéit.

Et ass déi gréissten demokratesch Wahl zu Lëtzebuerg. Jiddwereen deen hei schafft oder eng Pensioun vun der lëtzebuerger Pensiounskeess kritt ka wielen.

Ech hunn am Ufank gesot, datt Demokratie sech net op déi klassesch politesch Demokratie ka beschränken, an dat schonns guer net zu Lëtzebuerg wou d'Zuel vun deene Léit déi hei schaffen an hei wunnen an déi net d'lëtzebuergesch Nationalitéit hunn ganz héich ass. Och hir Meenung muss zu alle gesellschaftlechen, sozialen, wirtschaftlechen Froe gehéiert ginn. An och déi 140.000 Grenzgänger hunn Rechter. Ouni si géif eis Wirtschaft net funktionéieren. Si sinn vu ville politeschen Decisioune betraff am Aarbechts- a Sozialrecht natierlech, mä och am Steierrecht, an der Familljepolitik, an der Mobilitéitspolitik, asw. Och si hunn e Recht gehéiert ze ginn, matzeschwätzen. An der CSL kënnen se dat. Duerfir ass et wichteg dat jiddweree säi Wahlrecht ausnotzt. Wat d'Walbedeelegung méi héich ass, wat d'Stemm vun der CSL méi gewiichteg ass.

Den OGBL huet eng absolut Majoritéit an der CSL, 36 Setz vun 60, 38 vu 60 zesumme mat de Kollege vum Landesverband.

Domat stelle mer och d'Majoritéit vun de Vertrieder vun de Salariéen an den Institutioune vun der Sécurité sociale, notamment der CNS an der CNAP.

Mir hunn eng gutt Aarbecht an der CSL geleescht. D'Fusioun vun der AK mat der CEPL ass gelongen, mir hunn eis Servicer an eis Informatiouns- an Ëffentlechkeetsaarbecht ausgebaut. Mir hunn eng gesond

Finanzbasis, déi eis et erlaabt d'Aarbecht vun der CSL am Interessi vun de Salariéen an hiren Delegéierten a Gewerkschaften nach weider ze verbesseren.

Mir wëllen des Aarbecht weider féieren. Duerfir musse mer eis absolut Majoritéit verdeedegen a wa méiglech nach ausbauen.

Mir hun och an den Institutioune vun der Sécurité sociale eng gutt Aarbecht geleescht. D'Servicer goufe verbessert, och do ass d'Fusioun gelongen.

Mäi d'Sécurité sociale an hir Leeschtunge sinn awer och ëmmer erëm ugegraff ginn. Si wären ze deier. Den eenzelne misst responsabiliséiert ginn, heescht et, an dat bedeit datt de Kranke soll méi aus der eegener Täsch bezuelen, dass ee fir seng Pensioun selwer soll virsuergen, datt en sech privat versécheren soll. D'Reforme vun der Krankeversécherung a vun der Pensiounsversécherung waren haaptsächlech duerch esou Iwwerleeunge motivéiert a mir hunn an de Keesen, an eise Stellungsnamen an duerch gewerkschaftlechen Drock a Mobiliséierung missten där Entwécklung entgéint wierken. Muenches ass verhënnert ginn, et sinn och verschidde, wann och bescheide Verbesserungen erreecht ginn. Mir konnten dat maachen, well den OGBL eng staark Gewerkschaft ass an d'Majoritéit an der CSL huet an domat konnt d'Richtung uginn.

De Match ass nach net eriwwer, a politesche Kreesser gëtt schonns erëm vu Reformen an deene Beräicher geschwat, eng Prioritéit huet do elo d'Fleegeversécherung. Mir mussen eis dorop virbereeden.

**Kolleginnen a Kollegen,**

mir setzen eis an fir d'Indexéierung vun de Léin a de Pensiounen an, fir den Ajustement vum Mindestloun an de Pensiounen;

mir setzen eis an fir d'Ofsécherung vun eisen Aarbechtsplazen;

mir verlaangen en gutt Ausbildung an Aarbecht fir eis Jugend;

mir setzen eis an fir gutt Aarbechtsbedingungen, fir Gesondheet a Sécherheet op der Aarbecht;

mir setzen eis fir Demokratie an, och an der Aarbechtswelt;

mir soen jo zu enger gudder Sozialversécherung an neen zu Sozialofbau;

mir verlaangen eng Politik fir déi schaffend Leit, si duerfen net gezwonge gi fir eng Kris ze bezuelen un där si net Schold sinn;

duerfir si mer géint d'Austeritéitspolitik, déi vun der EU-Kommissioun propagéiert gëtt ;

mir waren a si géint déi Politik, och hei zu Lëtzebuerg, a mir verlaangen datt déi zukünfteg Regierung méi eng sozialgerecht Politik mécht, d'Rechter vun de Salariéë verdeedegt, d'Kafkraaft vun de schaffende Leit an de Pensionären net ugräift;

mir erwaarden vun der nächster Regierung Reformen an der Sozialpolitik, an der Wunnengspolitik, an der Bildungspolitik, am Gesondheetswiesen, am Aarbechtsrecht an an der Beschäftegungspolitik, déi mat eis a net géint eis gemaach ginn.

Mir hunn déi lescht Jore gewisen, datt mer keng parteipolitesch Récksiichten huelen, dat wärt och esou bleiwen.

A fir dass eis Stëmm gehéiert gëtt, fir dat mer Drock ausüben kënnen, muss den OGBL um Landesplang, an de LV op der Bunn d'Sozialwahle gewannen!

Merci!